adrenalin
déi jonk adr

nLëtzebuerg, den 2 Juni 2010

Betrëfft: *D'Monarchie dierf net a Fro gestallt ginn!*

D'adrenalin dréckt hir Skepsis vis-à-vis vum Pressekommuniqué vun der JSL aus.

Fir d'adrenalin leescht all Relioun e wesentlechen Bäitrag zur kultureller, sozialer an net zu lescht och der spiritueller Erzéihung vun de Bierger an enger Gesellschaft. Mir si prinzipiell der Usiicht, datt jiddwer Bierger d'Recht muss hunn, fir an enger weltoffener an toleranter Gesellschaft liewen ze kënnen, wou séng Relioun och respektéiert gëtt, soulaang wéi dat mat der Verfaassung vereinbar ass. E Staat muss dës Grondprinzipien jiddwer Bierger garantéieren.

Mir gesinn an, datt bei der Kierch duerchaus nach Spuerpotenzial besteet. An dësem Kontext plädéiere mir fir eng méi gerecht Verdeelung vun de Steiergelder un d'Glaawensgemeinschaften an orientéieren eis un deem däitschen resp. um italienesche Modell vum "otto per mille", wou jiddwer Bierger d'fräi Wal huet, op säi Steierbäitrag un eng Glaawensgemeinschaft oder un eng karitativ Organisatioun geet. Wéi d'Erhaalung vun der Bausubstanz vun de Kierchegebaier, déi ganz dack vun architektoneschen an historesche Wäert sinn, erhaale ka ginn, muss dobäi eenzel gekuckt ginn.

Weiderhi wëlle mir awer och op d'Wichtegkeet vum Wäerteunterricht an de Schoulen hiweisen. De Kanner sollt eng méiglechst objektiv an neutral Vu op déi verschidde Weltreliounen gebuede ginn, woubäi awer virun allem de philosopheschen, moraleschen an och ethesche Charakter am Virdergronn stoë muss.

D'adrenalin schwätzt sech allerdéngs kloer fir d'Bäibehalung vun eiser konstitutioneller Monarchie aus. D'Monarchie an de Grand-Duc sinn e Symbol fir eis Fräiheet an d'Souveränitéit vun eisem Land a stäerken esou och den Zesummenhalt vun eiser klenger Natioun.

An e puer Beispiller wëlle mir déi konkret Grënn fir eis Haltung erkläeren:

- E Monarch ass wäit iwwert d'Grenzen vu sengem Land bekannt a spillt eng wichteg symbolesch Roll. Duech seng repräsentativ Fonktioun vermëttelt hien Kontinuitéit a Beständegkeet, no baussen esou gutt wéi nobannen.
- En ass politesch neutral a steet kenger Partei an deenen hierer Ideologie no. Doduerch kann hien vill besser e ganzt Vollek vertrieden, wéi e Präsident dat maache kinnt.
- E gëtt vu Gebuert un op seng Repräsentantefunktioun virbereet. Doduerch, datt e net all 5 Joer gewielt muss ginn, stellt en nobausse bei wichtegen Entrevuen eng gewëssen Kontinuitéit an Seriösitéit duer.
- Den Ënnerhalt vum Haff, wou d'Käschten trotzallem awer nach eng Kéier iwwerduecht musse ginn, ass op laang Dauer net vill méi bëlleg wéi e puer Generatiounen vu Präsidenten, déi no hierer Amtszäit hir héich Gehälter weiderhi bezéien. Séng Bedeitung fir den Tourismus ass och net ze ënnerschätzen, wou d'Einnahmen dach schlussendlech dem Horesca-Secteur an schlussendlech och nees dem Staat zegutt kommen.

de Comité vun der adrenalin
matgedeelt, de 2. Juni 2010

adrenalin
4, Rue de l'Eau,
1449 Luxembourg

www.adrenalin.lu
info@adrenalin.lu